Dikricher Guiden a Scouten

AvEx • 1. Trimester 2016/17

36 am Floss • L-9232 Dikrich
avex@diekirch.lgs.lu • http://diekirch.lgs.lu

Léif AvEx, léif Elteren,

hei fannt dir de Programm fir dat éischt Trimester.

Eis Versammlungen sinn wéi ëmmer Freides Owes vun **18h30 bis 20h00** an eisem Home zu Dikrich am Floss.

D'**Kotisatioun** bedréit 15€. Hues du allerdéngs nach méi al Geschwëster déi och an den Dikricher Guiden a Scoute sinn, dann muss du nëmmen 12€ bezuelen. Iwwerweist déi w.e.g. bis spéitstens den 1. November mam Vermierk **'KOTISATIOUN Numm+Virnumm vum Kand'** op eise Konto. (Kontosnummer fënns de ënner 'Kontakt')

Hei hannendrun fënns du och nach eist **Informatiounsblat.** Dëst beinhalt wichteg Kontaktinformatiounen, d'Fiche Médicale an d'Autorisation Parentale. Dëst Informatiounsblat solls du sou séier wéi Méiglech vun dengen Elteren ausfëllen loossen a mat an d'Versammlung bréngen, oder per Post schécken.

Wanns du nach keng **Uniform** hues oder eng nei brauchs, maachen mir eng Sammelbestellung am Shop.

Komm dofir bis spéitstens den 7. Oktober no der Versammlung enker bei eis. Mir hunn eng Partie Hiemer fir unzemoossen am Floss leien. Een Hiem kascht je no Gréisst tëschent 41€ a 45€. Den Avexpass kascht 7,50 €. Mir hunn och eng Rei Second-hand-Hiemer déi dir gratis kennt kréien.

Du kanns awer och selwer an de Shop an d'Staat fueren. Hei fënns de allméiglecht Scoutsmaterial. D'Adress fënns de och erëm ënner 'Kontakt'.

Op eisem **Internet Site** (http://diekirch.lgs.lu) fënns du regelméisseg déi neisten Informatiounen, wéi den aktuelle Bréif a Fotoe vun den Aktivitéiten. Mir hunn och ee Kalenner um Site, an de mer alleguerten eis Aktivitéiten dran schreiwen.

Mat beschten Guiden a Scoutsgréiss,

Är Chefekipp,

Programm

Wéini?	Wou?	Waat?
16. September 2016	Am Floss	Versammlung
23. September 2016		**keng Versammlung**
24. September 2016	Bei der Kierch	**Aalkleedersammlung (Punkt 1)**
30. September 2016		**keng Versammlung**
01. Oktober 2016	Am Floss	**Kiermes (Punkt 2)**
07. Oktober 2016	Am Floss	Versammlung
14. Oktober 2016	Am Floss	**Generalversammlung a Merci-so-lessen (Punkt 3)**
21. Oktober 2016		**keng Versammlung**
22.-23. Oktober 2016	Weicherdang	**Montéesweekend (Punkt 4)**
28. Oktober 2016		**keng Versammlung**
04. November 2016		**keng Versammlung**
11. November 2016	Am Floss	Versammlung
18. November 2016	Am Floss	Versammlung
25.November 2016	Am Floss	Versammlung
02. Dezember 2016	Am Floss	Versammlung
09. Dezember 2016	Am Floss	Versammlung
16. Dezember 2016	Am Floss	**Chrëschtversammlung (Punkt 5)**
23. Dezember 2016		**keng Versammlung**
18. Juli – 28. Juli 2017	Kierchbierg	**GoUrban Summercamp (Punkt 6)**

1) Kolping Aktioun Aalt Gezei 2016

Wat	Wei all Joer maachen mir eis B.A. a ginn d'allt Gezei asammelen
Wéini	Sa. 24.September 2016, ab 13 Auer bis+/-17 Auer
Wou	zu Dikrich bei der Kierch
	WICHTEG: Mir doen eisen Foulard un an brengen eng Sëcherheetsveste mat!

2) Kiermes

Wat	Dirkricher Guiden a Scouten organiséieren dëst Joer erëm eng Kiermes zu Dikrich am Floss. Gebueden gëtt ee flott Mëttegiessen an Spiller fir Grouss a Kléng
Wéini	Samsteg, 01. Oktober 2016, um 11h30
Wou	Dikrich am Floss
Umellung	Fir d'Mëttegiessen muss Dir Iech umellen, ee separaten Bréif mat all den Détailer kennt no

3) Generalversammlung an Merci-so-Iessen

Wat	D'Generalversammlung vun den Dikricher Guiden a Scouten fir d'Schouljoer 2015/2016 mat uschléissendem Merci-so Iessen.
Wéini	Freideg, den 14. Oktober
Wou	Dikrich am Floss
Umellung	Fir d'Iessen muss Dir Iech umellen, hei kennt eng separat Invitatioun no. Op dës Generalversammlung an d'Iessen sinn alleguerten d'**Elteren** agelueden. D'Kanner aus de Biber, Wëllef an AvEx kréien am Laf vum Joer bei enger Aktivitéit Suen beigeluecht.

4) Montéesweekend

Wat	Wéi all Joer maachen mir am éischten Trimester ee Montéesweekend zesummen mat denen anner Branchen
Wéini	Samstes, den 22. Oktober 10 Auer Sonndes, den 23. Oktober 17Auer
Wou	Zu Weicherdang
Matbréngen	Schlofsak, Täscheluucht, Kleeder fir bei all Wieder, Fest Schong, Täschemesser, Wäschtruss, Kompass, Bic a Block, ...
Umellung	Andeems du d'Participatioun vu 20€ bis den 15 Oktober mam Vermierk '*MoWe Numm+Virnumm vum Kand*' op eise Konto iwwerweis. [LGS-DIEKIRCH/AvEx] • BCEE IBAN LU06 0019 1755 9684 8000
Transport	Mir treffen eis op der Gare zu Diekirch, a fueren mat engem Bus dorobber. Mir kommen och rem sou zreck.

5) Chrëschtversammlung

Wat	An der Chrëschtversammlung wichtele mir. Dat heescht, jiddereen bréngt ee klenge Kaddo mat, an den verschenke mer dann ënnert eis. (Dëst soll eng Klengegkeet sinn; eppes selwer Gemaachtes)
Wéini	Freideg, den **16. Dezember** vun **18h30 bis 20h30**
Wou	zu Dikrich am Floss

6) GoUrban – Summercamp 2017

Wat	Den GoUrban ass een groussen Summercamp fir all d'LGS Gruppen an Branchen aus dem Land. Mais och Guiden- a-Scoutsgruppen aus anere Länner wäerten dodrun deelhuelen.
Wéini	18. Juli 2017 – 28. Juli 2017
Wou	An der Staat um Kierchbierg
Umellung	Andeems du den Accompte vu 50€ bis den 1. Dezember mam Vermierk '*Camp17 Ac1+ Numm+Virnumm vum Kand*' op eise Konto iwwerweis. [LGS-DIEKIRCH/AvEx] • BCEE IBAN LU06 0019 1755 9684 8000

Détailer	Détailer zur Umellung, Präis, an allgemeng Informatiounen zum Camp kommen am Laf vum Joer nach no. Wen sech awer elo schonn e klengt Bild well maachen kann dat gären um Site http://gourban.lgs.lu/ maachen.

7) 2017

Wéi Dir vleicht schon matkritt hutt feiren Dikricher Guiden a Scouten 2017 hir 100 Joer.

Dofir stinn vill flott Aktivitéiten näechst Joer um Programm. Mir freeën eis iwwer all Ennerstëtzung an hoffen lech 2017 op eisen Festivitéiten ze gesinn.

Fir dass Dir net den Iwwerbléck verléiert, fannt Dir den ganzen Agenda am Anhang.

Kontakt

Wanns du nach Froën hues, dann zéck net a mell dech bei eis!

E-mail • avex@diekirch.lgs.lu

Internet • http://diekirch.lgs.lu/

Jang Thillen	Diekirch	691 713 711
Ben Martinez	Diekirch	691 537 877
Joyce Becker	Diekirch	
Sinner Louis	Longsduerf	
Lena Hertz	Uni	
Jeanne Lambert	Uni	
Luca Mailänder	Uni	
Anne Reis	Uni	

Dikricher Guiden a Scouten a.s.b.l. • 36 am Floss • L-9232 Dikrich

Bankverbindung • [LGS-DIEKIRCH/AvEx]

- **BCEE IBAN LU06 0019 1755 9684 8000**

(Wichteg: All Branche huet eng aner Kontosnummer!)

LGS Shop an der Géisserei • 5, rue Munchen-Tesch • L-2173 Lëtzebuerg
Di. 15h00 - 18h00 • Do. 15h00 - 19h00 • Sa. 9h00 - 12h00
De Shop ass an de Schoulvakanzen zou! Am beschten uruffen ier een lanscht fiert!
Tel. (+352) 269 484-31

Mat beschten Guiden a Scoutsgréiss,

Är Chefekipp